Text: Christiane Sietzen

FERNAND FOX

De 26. Januar 2024 huet de Fernand Fox seng 90 Joer gefeiert. E kuerze Réckbléck op déi impressionnant Karriär vun engem Personnage, deen d'Lëtzebuerger Theater-, Film- an Televisiounsgeschicht gepräägt huet ewéi net vill anerer.

Kandheet a Jugend tëschent de Grenzen

Gebuer gouf de Fernand Fox de 26. Januar 1934 op der Bollenduerfer Bréck, op der Grenz tëschent Lëtzebuerg an Däitschland, a seng Kandheet a Jugend ware markéiert duerch den Zweete Weltkrich. Inspiréiert duerch seng Mamm huet hie schonn als Kand ugefaang, Zirkusartisten ze imitéieren an an der Schoul Sketcher op lëtzebuergesch ze spillen.

Nom Krich geet de Fernand an den Iechternacher Kolléisch an dono an de Jongelycée a fänkt 1955 u mat schaffen op der Interbank (BIL). Bei engem Optrëtt fir de Centenaire vun der BIL 1956 ass den Eugène Heinen, Grënner vun de „Compagnons de la scène", dem „Lëtzebuerger Theater", op de Fernand Fox opmierksam ginn an huet him geroden, sech am Conservatoire anzeschreiwen (1956-1959).

© Jochen Hetling

Als Member vum Lëtzebuerger Theater krut de Fernand Fox 1958, mat 24 Joer, seng éischt Roll an der *Revue*, déi traditionell all Joers e satiresche Bléck op d'Lëtzebuerger Gesellschaft gehäit. Hei huet de Fernand Fox d'Stäipe vum Theater kennegeléiert ewéi den Hary Haagen an och villverspriechend jonk Talenter ewéi den Tun Deutsch. An déi Zäit falen dem Fernand Fox seng éischt grouss Erfolleger op der Bün: „De Schéifermisch" vum Norbert Weber, „D'Pöltches Famill" vum Tit Schroeder an „Adamesstrooss 13" vum Fernand Hoffmann.

„Hei Elei Kuck Elei"

1968 war dunn de Start vun deem éischten Televisiounsprogramm a Lëtzebuerger Sprooch, ëmmer sonndes mëttes op RTL, den „Hei Elei Kuck Elei". Bal vun Ufank u sinn am Hei Elei Sketcher presentéiert gi vum Trio Hary Haagen, Jängi Hopp a Fernand Fox. Nom Doud vum Jängi Hopp sinn och nei a méi jonk Acteuren an de Sketcher opgetrueden ewéi den Tun Deutsch an den André Jung. Nieft dem Sketchprogramm si ville Lëtzebuerger vun der eelerer Generatioun nach haut d'Publicitéite fir La Luxembourgeoise e Begréff. An all deene Spotten war de Fernand Fox ze gesinn. Vill Leit, déi net esou dacks an den Theater ginn, kennen de Fernand Fox haut haaptsächlech dowéinst. Dat huet hien ëmmer gestéiert, well dat ass just eng ganz kleng Facette vu sengem Talent, wat hien a sëllegen Theaterproduktiounen an iwwer 60 Joer ënner Beweis gestallt huet.

De Fernand Fox an de Kasemattentheater

An de 1960er Joren huet den Theater zu Lëtzebuerg eng méi professionell Direktioun ageschloen a sech verstäerkt mat Stécker vu bekannten internationalen Auteuren ausenanergesat an och keng gesellschaftskritesch a politesch Sujete gescheit. Dat war virun allem de Merite vum Tun Deutsch, deen no senge Studien 1964 de Kasemattentheater gegrënnt hat. 1972 ass de Fernand Fox an de Kasemattentheater komm, wou hie bewisen huet, datt hien nieft komesche Rolle besonnesch och am „seriösen" Repertoire iwwerzeegt. Niewent dem Tun Deutsch ass och de Georges Ourth e markante Regisseur am Fernand Fox senger Karriär. Ënner senger Regie huet de Fernand Fox am „Tafelbild" vum Ingmar Berg-

Collection privée

De Fernand Fox, de Marc Olinger, de Luc Feit an d'Josiane Peiffer a "Mir hu Geld", eng Produktioun vum Fräie Volleksteather Lëtzebuerg, matgegrënnt vum Frank Feitler

mann a besonnesch an den „Emigranten“ vum Slawomir Mrozek iwwerzeegt: an dësem Stéck fir zwee Acteure stoungen de Fernand Fox an den Tun Deutsch zesummen op der Bün an hunn aus „Emigranten“ en enorme Succès gemaach, esouwuel beim Public ewéi bei der Kritik. Am Kader vun engem Gastspiel ass d'Stéck och mat vill Erfolleg 1976 op der Elisabethbühne, déi de Georges Ourth zu Salzburg gegrënnt hat, opgefëiert ginn.

Kapuzinertheater, Lëtzebuerger Owender a Film

Zënter datt 1985 de Kapuzinertheater ënner der Leedung vum Marc Olinger seng Dieren opgemaach huet, huet de Fernand Fox d'Geschicht vun deem Haus zwanzeg Joer laang matgeschriwwen, vun „De Meeschter fällt vum Himmel“ nom Guy Rewenig an der Mise en scène vum Frank Hoffmann bis „Grouss Vakanz“ vum Pol Greisch, Regie Renate Ourth. Derniewent ass de Fernand Fox awer och weiderhin am Kasemattentheater opgetrueden, gradewéi am TOL (deen de Marc Olinger gegrënnt hat) ewéi och am Philippe Noesen sengem Théâtre du Centaure am Dierfgen.

Beim Frank Feitler senge „Lëtzebuerger Owender“ am Kapuzinertheater war de Fernand Fox och ëmmer derbäi. Vill Leit erënneren sech nach u säi Personnage aus „7 Lëtzebuerger kréien de Karlspräis“ wat 1997 mat ganz vill Succès opgefouert ginn ass.

Mat iwwer 60 Joer Presenz op de Brieder ass de Fernand Fox awer och op Filmplattoe keen Onbekannten: am Andy Bausch sengen éischte Filmer ass hien dacks ze gesinn, ob „A Wopbobaloobob a Lopbamboom“, „Ex & Hopp“ oder „Three Shake-a-Leg Steps to Heaven“, gradewéi och am „Le Club des Chômeurs“, „La Revanche“ an „Deepfrozen“, ganz oft op der Säit vum Thierry Van Werweke a vum André Jung. Mee dem Fernand Fox säin Talent war net nëmmen zu Lëtzebuerg unerkannt: fir seng Roll am Kuerzfilm „Lingo Vino“ gouf hien 2012 um Festival vu Montecatini mam Interpretatiounspräis ausgezeechent.

D'Theaterstuff

Wéi de Fernand Fox 1981 opgehal huet mat schaffen, huet hien d'Theaterstuff vum Jempy Sontag um Lampertsbierg iwwerholl. Zesumme mat sengem jorelaange Compagnon Carlo Fetler hunn si d'Theaterstuff mat Liewe gefëllt, natierlech och mat Theater a Kabaret. Sou goufen déi legendär Kabaret-Owender vum Kasemattentheater op där klenger Bün vun der Theaterstuff gespillt a munch Owender goufe bis moies verlängert!

Vu sengem 1. Optrëtt 1958 bis haut huet de Fernand Fox mat all de groussen Nimm vun der Lëtzebuerger Theater-, Kinos- an Televisiounsgeschicht zesumme geschafft an huet d'Kulturzeen vu Lëtzebuerg wärend méi ewéi 60 Joer mat geprägt.

Happy Birthday, Fernand Fox!

Quellen

Synopsis vum Documentaire „Succès Fo(u)x“
Documentaire 2014
Désirée Nosbusch & Marc Limpach

Christiane Sietzen

Fréiere Coordinateur culturel vun der Stad Lëtzebuerg. Member vun der Programmkommissioun vun de Stater Theateren.